**Äntwert vun der Kulturministesch Sam Tanson op déi parlamentaresch Fro n° 3448 vum 14. Januar 2021 vum Här Deputéierte Fred Keup**

Am Kontext vun der Promotioun vun der lëtzebuerger Sprooch hat de Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend 2018 eng Etude beim TNS Ilres an Optrag ginn, aus där ervirgaangen ass, datt 77 % vun der Bevëlkerung lëtzebuergesch Kompetenzen hunn. Och gouf do vermierkt, datt 98 % vun der Populatioun franséisch Kompetenzen hunn.

Dëse Chiffer bestätegt d'Erfarung déi meng Servicer dagdeeglech am Kultursecteur maachen, datt déi franséisch Sprooch, virun allem am professionelle Milieu un deen de Kulturministère sech haaptsächlech a sénger Kommunikatioun riicht, déi Sprooch ass, déi vun deene meeschten Acteure gedeelt gëtt.

D'Decisioun fir de Gros vun der Kommunicatioun vum Kulturministère op franséisch ze maache berout also souwuel op engem Sënn fir Pragmatismus wéi op engem Bewosstsinn fir déi demografesch Zesummesetzung vun eisem Land.

Vu datt Englesch déi Sprooch ass, déi am zweetheefegste vun de Kulturschaffende benotzt gëtt, wa si am Kader vu Finanzhëllefe mam Kulturministère a Kontakt trieden, wäerten an Zukunft d'Formulaire fir Subside beim Kulturministère unzefroen och op Englesch gemaach ginn, an zu engem spéideren Zäitpunkt an däitscher „leichte Sprache".